Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Lëtzebuerg, den 31te Mee 2018.

# sne - infomail

## ☛ Gehälteraccord :

## Akraafttriede vun enger Rei Dispositiounen ...

**Léif Memberen,**

**De 15te Mee 2018 sinn, no laangem Waarden, eng Rei Dispositioune vum Gehälteraccord, deen Enn 2016 vun der CGFP an der Regierung ënnerschriwwe gouf, a Kraaft getrueden.**

**Dobäi handelt et sech ëm déi folgend Punkten :**

☛ D'**Iessensgeld** geet vun 110 Euro op **144 Euro** de Mount erop. Dës Erhéijung ëm 34 Euro gëtt réckwierkend op den 1. Januar 2017 ausbezuelt.

☛ De **Punktwäert** klëmmt ëm **1,5 %**. Dës Erhéijung gëtt réckwierkend op den 1. Januar 2018 ausbezuelt.

☛ D'**Familljenzoulag** klëmmt am neie Régime vu 27 op **29 Punkten** a gëtt och réckwierkend op den 1. Januar 2018 ausbezuelt.

☛ Réckwierkend op den 1. Oktober 2015 ginn d'Indemnitéite vun de « **Stagiaires-instituteurs »** am « groupe de traitement » A2 fir déi **éischt 2 Joer Stage** vun 215 p.i. op elo **222 p.i.** eropgesat. Dat gëllt natierlech och fir all déi nei Stagiairen, déi hire Stage an Zukunft untriede wäerten.

☛ D'**Flexibiliséierung vum « Service à temps partiel »** duerch d'**Aféierung vu Paliere** vun 90%, 80%, 75%, 70%, 60%, 50% a 40% **«à durée déterminée»** an **« à durée indéterminée »** ass och säit Mëtt Mee a Kraaft.

☛ De **« Service à temps partiel pour raisons de santé »** ass an Zukunft net méi op maximal 10 Joer limitéiert.

Mat syndikalistesche Gréiss,
**de Comité central vum SNE/CGFP**

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu